



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 2. November 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am Artikel *"20 Jahre Punktführerschein: ein Erfolgsmodell?"*, deen den 31. Oktober am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt den Här Verkéiersminister zäitno och wëll Radaren aféieren, déi kontrolléieren, ob en Autoschauffer iwwert dem Fueren telefonéiert. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6500 hat den Här Minister awer rezent nach geschriwwen: *"Zum jëtzege Zäitpunkt sinn awer keng aner Modeller vu Radare geplangt déi aner Infractiounen solle kontrolléiere wéi déi déi aktuell do sinn"*. Zu der Wierksamkeet vun de Radaren huet den Här Minister ënner anerem dat hei geschriwwen: *"Woubäi festgestallt ginn ass, datt an der Period vun 2012 op 2017 op 7 Strecken d'Eventualitéit vun Accidenter erofgaangen ass, op 9 Strecken déi Eventualitéit niddreg ass an op 3 Strecken se héich bliwwen oder esouguer eropgaangen ass"*.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister matdeelen, wou an ob wéi eng Manéier déi zousätzlech Radare sollen installéiert ginn a präziséieren, ob et sech ëm komplett Neiinstallatiounen oder en Update/Upgrade vu bestoenden Anlagen handelt?
- 2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Accidenter während de Joren 2013 bis 2021 noweislech op onerlaabt Telefonéieren um Steier zeréckzeféieren waren a wéi dacks dobäi Leit blesséiert goufen, respektiv ëm d'Liewe koumen?
- 3) Kann den Här Minister elaboréieren ewéi eng Verbesserung hien sech vun dësen Zuele fir den Zäitraum 2023 bis 2035 duerch déi zousätzlech Radaren erwaart?
- 4) Kann den Här Minister matdeelen, ob a wéi wäit virgesinn, ass, datt d'Leit d'Installatioun vun enger Freisprechanlag zukünfteg steierlech kënnen ofsetzen, fir de Chaufferen nieft dem repressive Volet och e positiven Ureiz ze ginn, fir de Code de la Route nach besser ze respektéieren?
- 5) Kann den Här Minister déi offensichtlech Diskrepanz tëschent där zitierter Ausso aus der Presse an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro elaboréieren a präziséieren, wéi hien op déi Manéier d'Vertraue vun all deene Bierger wëll erëmgewannen, déi besonnesch duerch d'Entwécklung vun deene leschten zwee Joer virun enger ëmmer méi déifgräifender Iwwerwaachung duerch de Staat warnen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten